

Ordre du jour

1.

Dépôt d'un projet de loi
2.

Question avec débat N° 36 de M. Jean Huss relative à l'élaboration d'un plan national „enfants - environnement et santé“ en vue de la Conférence ministérielle environnement-santé à Budapest en juin 2004
3.

Question avec débat N° 37 de M. Marc Zanussi concernant le projet de règlement européen relatif aux obligations de service public dans les transports de passagers
4.

5174 Projet de loi portant organisation des Maisons d'enfants de l'État
(Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
5.

4988 - Projet de loi autorisant le Fonds national de solidarité à participer aux prix des prestations fournies dans le cadre de l'accueil aux personnes admises dans un centre intégré pour personnes âgées, une maison de soins ou un autre établissement médico-social assurant un accueil de jour et de nuit
(Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)
6.

5282 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2002
(Rapport de la Commission des Comptes - Discussion générale - Vote d'une résolution)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Henri Grethen, Carlo Wagner et Charles Goerens, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.
Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?
(Négation)
Den Här Minister Wagner wëllt eng Kommunikatioun maachen. D'Regierung huet d'Wuert.

1. Dépôt d'un projet de loi

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, duerch Arrêté vum 13. Februar dëses Joers sinn ech autoriséiert, den Dépôt ze maache vum

- Projet de loi N° 5303 relatif aux soins palliatifs et à l'accompagnement en fin de vie.

M. le Président.- Ech ginn Akt vum Dépôt vum dësem Projet de loi. De Projet gëtt un déi zoustänneg Kommissioun verwisen.

Als éischte Punkt um Ordre du jour hu mer d'Question avec débat N° 36 vum Här Jean Huss iwwert d'Opstelle vun engem nationale Plang «enfants - environnement et santé».

Här Huss, Dir hutt fënnef Minutte fir Är Fro plus Är Zousazfro. Duerno huet d'Regierung zéng Minutte fir ze äntwerten.

Dir hutt d'Wuert, Här Huss.

2. Question avec débat N° 36 de M. Jean Huss relative à l'élaboration d'un plan national «enfants - environnement et santé» en vue de la Conférence ministérielle environnement-santé à Budapest en juin 2004

M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn am Numm vun der grénger Fraktioun dës Ques-

tion avec débat ugefrot, fir drop opmierksam ze maachen, datt elo am Juni zu Budapest déi véierten Umwelt- a Gesondheitsministeschkonferenz stattfënnit am Kader vun der Regioun Europa, vun der Weltgesundheitsorganisatioun, an datt an deem dote Kontext och eis Regierung gefuerdert ass.

Wéi aktuell an zum Deel brisant de Problem vun deenen ëmmer méi zählräiche chronesch degenerativen Ëmwelterkrankungen duerch d'Ëmweltbelaaschtung an eise Länner ass, dat goung zum Beispill nach virun e puer Deeg aus engem offiziellen Experterapport ervir, deem de franséische President Chirac am Januar 2003 mat engem Diagnostik vun der Situatioun a Frankräich vun der Santé environnementale chargéiert hat, an deem elo viru ronn aacht Deeg der franséischer Regierung doriwwer en alarmante Rapport vun 246 Säiten ofgeliwwert huet.

Här President, hei ass dee Rapport. Ech hunn e matbruecht, fir lech ze weise wat a Frankräich doriwwer geschitt ass. Et ass also e Rapport, dee brisant ass wat d'Realitéit vun de Gesondheits-schied ubetrëfft, déi duerch eis belaschtend Ëmwelt ageleet ginn. An der bekannter franséischer Zeitung „Le Monde“ vum leschte Samschdeg waren doropshin d'Schlagzeilen op der éischter Säit ganz kloer, ech hunn och déi Ausgab vum leschte Samschdeg vum „Monde“ matbruecht. „En France, la pollution nuit gravement à la santé. 21 experts s'inquiètent des dégâts sanitaires de la dégradation de l'environnement“, an dat war op der éischter Säit am Monde d'lescht Woch. Datt heescht, dat huet zimlech ageschloen a Frankräich, wéi eng Bomm.

Am Detail ginn an dësem offizielle Rapport, deem d'Basis ass vun engem auszeschaffenden nationale Plan d'action en santé-environnement, déi wichtegst Problemer vun den zounehmenden Ëmwelterkrankungen opgelëscht, déi virun allem duerch déi chronesch chemesch Belaaschtung am sou genannten Niddregdosisberäich, an duerch d'Loftverschmutzung an de Stied

an duerch de Verkéier ausgeléist ginn. Ootemwee Erkrankungen, virun allem Asthma, virun allem och bei Kanner, Kriibs, Häerzkreisläferkrankungen, Allergien, Problemer vu Sterilitéit, Doutgebuerten a Malformatiounen vu Bëbéen an esou virun. Frankräich wëllt elo op der Basis vun dësem alarmante Rapport, esou wéi dat op der Londoner Konferenz vun 1999 vun 43 Länner vereinbart gi war, säin nationalen Aktionsplang „Ëmwelt a Gesondheet“, den engleschen Term ass NEHAP, National Environmental Health Action Plan, ausschaffen, an am Juni zu Budapest bei der Konferenz virstellen.

Zu Budapest steet d'Gesondheet vun eise Kanner, déi duerch d'Ëmweltbelaaschtung am stäerksten touchéiert ass, am Mëttelpunkt vun der Konferenz, mä den Ordre du jour begräift insgesamt véier Kapitelen oder Frostellungen.

Éischtens, wat hunn déi 43 Staten, déi do waren, u Positivem opzeweisen zënter der Konferenz vu Frankfurt vun 1989, mä besonnesch zënter där leschter Konferenz zu London vun 1999?

Dat zweet Kapitel beschäftegt sech mat de politeschen Instrumenter a Saachen Ëmwelt a Gesondheet, den Informatiounssystemer doranner, dem Principe de précaution, an dem Schutz vun der Zukunft vun eise Kanner.

Beim drëtten Kapitel geet et ëm d'Problematik vu méigleche Belaaschtungen vun der Gesondheet an den Häiser, duerch sou genannte Wunngefëer, ëm d'Energieproblematik, ëm den Développement durable, an ëm de Risque vu méigleche Gesondheitsimpakter, duerch e méigleche Klimawandel, deem amgaangen ass ze kommen.

An am véierten a leschte Kapitel geet et ëm Aktionspläng, Ëmwelt a Gesondheet, méi speziell fir, wéi gesot, d'Kanner ze schützen. An et geet dobäi och ëm eng Déclaration ministérielle als Ofschloss.

Dëse kuerze Résumé, Dir Dammen an Dir Hären, firwat déi grouss Ministesch- an ONG-Konferenz zu Budapest ass, an ëm wat et do am Juni 2004 geet, féiert mech dozou, u eis Regierungsverantwortlech folgend Froen ze stellen.

1. Op wéi eng Aart a Weis sinn déi konzernéiert Lëtzebuerger Ministeren, Santé an Environnement, implizéiert gewiescht an déi Konferenz vu London vun 1999?

2. Wat fir eng Konklusione sinn aus den Aarbechte vun der Konferenz vun 1999 gezu ginn? A wat fir en eventuell positive Bilan kann d'Lëtzebuerger Regierung zu Budapest am Juni 2004 virstellen?

3. Wéi versichen den Ëmwelt- an de Gesondheitsminister dës Konferenz zu Budapest ze preparéieren?

4. Wat fir eng Elementer vun engem Plan national „enfants - environnement et santé“ wëllen déi zoustänneg Ministeren op der Konferenz zu Budapest presentéieren? Wat sinn d'Zilsetzungen um Niveau vum Schutz vun de Kanner?

5. Sidd Der net der Meenung, datt et sënnavoll wär, och déi zoustänneg Kommissioun mat dësem Dossier ze betrieien. Et ass zwar eng Ministeschkonferenz, déi do ofleef. Et sinn och ONGen do, mä ech géif et awer net onwichtig fannen, datt zumindest eng Kéier eng Réunion jointe vun der Commission de la Santé an der Commission de l'Environnement wier, fir driwwer ze schwätze wat an Ärem Ministère geplangt ass, fir zu Budapest ze presentéieren.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Huss. D'Regierung huet elo d'Wuert. Här Minister Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech ka confirméiere wat den Här Huss elo grad gesot huet, dat heescht, datt am Juni zu Budapest déi véiert Konferenz vun deem dote Genre ass, no 1989 zu Frankfurt, 1994 zu Helsinki an 1999 zu London, wou wéi gesot 1999 Lëtzebuerg vertruete war duerch en héije Fonctionnaire aus dem Environnement, wou och zënterhier déi Dossiere louchen, déi awer elo de Ministère vun der Santé vun dësem Joer un iwwerholl huet, nodeem datt mir iwwerhaupt opmierksam gemaach gi sinn iwwert dat wat géif lafen.

Ech kann och déi Haaptthematike confirméieren, déi den Här Huss hei opgezielt huet, mat vläicht just der Restriktioun, datt wat déi betreffend Memberslänner am Beräich Santé-environnement vun 1989 u gemaach hunn, datt do awer haaptsächlech Länner aus dem Kaukasus, dem südöstlechen Europa, an Zentralasien viséiert sinn, an ech wäert och duerno kuerz dorobber zrëckkommen.

Ech luewen déi Initiativ vu Frankräich selbstverständlech, si ass awer net, géif ech soen, am Sënn vun deem wat zu Budapest geduecht ass, well zu Budapest geet et haaptsächlech drëm emol e Plan d'action pour l'environnement et la santé des enfants en Europe opzestellen. An et ass ausdrécklech gesot ginn, datt et do net géif drëm goe fir e Bilan ze maache vun deem wat elo schonn an de Länner geschitt wär, mä haaptsächlech fir ze kucke wat an Zukunft ze geschéien hätt.

An dee sou genannten CEMA-PE, de Plan d'action, huet en fait als Haaptobjektiver éischtens emol d'Reduktioun vun der Morbiditéit bei de Kanner bis fënnef Joer, zweetens d'Prevention vun all Zorte vun Accidenter, drëttens d'Reduktioun vun de Krankefäll, an dat geet e bëssen eran an dat wat Dir gesot huet, Krankefäll vum Appareil respiratoire. Véiertens finalement, d'Expositioun vun de Kanner vis-à-vis vu géftege chemeschen a biologesche Substanzen.

Ech muss soen, datt hei net nëmmen de Ministère de la Santé an de Ministère de l'Environnement gefuerdert sinn, mä dat heiten ass wirklech kompetenzüwergräifend an ech wëll d'Definitiou huelle vun der Organisation mondiale de la Santé, wat eben d'Definitiou vun der Santé publique ubelaangt.

Ech zitieren: „Le bien-être d'une personne ne dépend pas seulement de ses caractéristiques physiques, mais il est aussi lié étroitement aux conditions de la vie quotidienne. Il dépend des conditions économiques, sociales et politiques, c'est-à-dire alimentation, logement, éducation, travail, environnement, loisir, paix, justice sociale“ an esou weider. Et ass och aus där Ursach, wou ech e Groupe de travail interministériel op d'Bee gestallt hunn, dee soll bestoen aus Vertrieder vum Ministère de la Santé, Environnement, Transport, Familljen an och den Éducatiounsministère, fir déi Konferenz vu Budapest kënne beschteens ze presentéieren.

Ech muss och soen, datt awer déi Mesuren, déi am Kader vun deenen dote Konferenz geholl ginn, haaptsächlech Länner betreffen, wou d'Qualité de vie an de Standard de vie net esou héich si wéi an eise Länner. Dat heescht, haaptsächlech déi Länner si geziilt aus Zentralosteuropa an och Zentralasien, wat natierlech net wëllt soen, datt mir hei an eise Länner trotz dem héije Standard de vie net och Problematiken hätten, wou just-

tement deenen dote Groupe de travail invitéiert ass, fir ze analyséieren a fir datt mer kënne dee Moment effectivement Stellung huelen zu Budapest, wou mer selbstverständlech wäerte mat engem Vertrieder derbäi sinn.

Ech muss och soen, datt mir fest wëlle hunn an datt menger Meinung no näischt sech opposéiert fir d'Déclaration finale vun där doter Konferenz ze ënnerschréien. Mir wëllen allerdéngs vu Lëtzebuerg aus nach eng Ajoute maachen an zwar den nächste Mount zu Malta op enger Réunion préparatoire, wou Lëtzebuerg drop hale wäert, datt soll d'ëmweltmedezinesch Formatioun och als eng verpflichtend Aufgab festgehalen ginn.

Wat Är lescht Fro ubelaangt betreffend d'Matabezie vum Parlament, esou sinn ech der Meenung, datt et an dësem Moment nach verfréit ass, fir esou eppes ze maachen. Et soll ee Step by step goen. Fir d'éischt, mengen ech, musse mer ofwaarden, wat konkret elo erauskënn bei deem Plan d'action européen pour la santé des enfants. Dorobber baséierend selbstverständlech soll all Land esou e Plang opstellen, an do mengen ech effectivement wär et vun deem Moment u richtig, wann d'Parlament ënnert där enger oder där anerer Form géif mat abezu ginn. Ech ka mer virstellen, datt et relativ schwéier wär, fir ëmmer Réunions jointes ze maache vu fënnef oder sechs Kommissiounen vun der Chamber. Ech géif et dofir besser fannen, wa géif vläicht eng Spezialkommissioun fir déi dote Problematik agesat ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

(Interruption)

Jo, mä Dir hutt Är Zäit schonn erschöpft. Wann d'Chamber d'accord ass, da gi mer dem Här Huss nach eng Minutt d'Wuert.

M. Jean Huss (*DÉI GRÉNG*).- Här President, ech wollt just eng kuerz Zousazfro stellen.

Här Minister, Dir hutt vun der ëmweltmedezinescher Weiterbildung vun den Dokterinnen, déi Der wëllt zu Malta scho presentéieren, geschwat. Ech fannen dat ganz positiv. Wiert Der och bereet am Sënn vun enger offensiver Ëmweltmedezinpolitik dee Projet, deem Der jo elo selwer un d'Spideeler erausgeschéckt hutt, vun enger ëmweltmedezinescher Klinik fir déi schwéier Patienten, dann och duerstellen, datt et esou schwéier Patiente gëtt, déi e stationären Openthalt bräichten?

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Honorablen Här Huss, ech kënnt mer virstellen, datt mir net nëmme géifen zu Budapest eng Proposition maachen, mä datt mer effectivement déi Proposition géifen ënnermauern duerch dat, wat hei zu Lëtzebuerg de Moment schonn als grouse Projet um lafen ass a puncto Ëmweltklinik. Ech mengen op alle Fall, datt dat dem Land a senger Renommee géif zegutt kommen. Mir wëllen also do net optrieden als Leit, déi einfach nëmme e Virschlag maachen, mä mir wëlle beweisen, datt dat, wat mer proposéieren, effectivement op d'Efforté vu Lëtzebuerg baséiert.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister.

Als nächste Punkt hu mer d'Question N° 37 vum Här Marc Zanussi iwwert d'Obligatiounen vum Service public bei dem Passagéiertransport.

Här Zanussi, Dir hutt d'Wuert.